



ALTERNATIV DEMOKRATESCH  
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Depot : Fernand Kartheiser

Lëtzebuerg, den 13. Oktober 2021

Débat sur l'état de la nation

3

MOTIOUN


D'Chamber vun den Deputéierten

stellt fest,

- datt d'Covid-Pandemie fir vill Familljen, Kanner an och Jugendlecher eng grouss finanziell Erausforderung war an zum Deel nach ëmmer ass;
- datt déi automatesch Indexéierung vun de Familljeprestatiounen 2006 ofgeschaaft ginn ass an datt d'Reformen, déi zënterhier ëmgesat goufen, net genuch positiv Suite fir d'Kafkraaft vun de Famillje bruecht hunn;
- datt d'Regierung decidéiert huet, d'Indexéierung vum Kannergeld eréischt vum 1. Januar 2022 un ze applizéieren;
- datt d'Regierung eng retroaktiv Indexéierung vum Kannergeld ofleent, déi awer ville Familljen Hëllef kéint, déi finanziell Konsequenze vun der Covid-Pandemie besser ze bewältegen;

fuerdert d'Regierung op,

- de Wäertverloscht, deen d'Kannergeld zënter 2006 erfuer huet, vum 1. Januar 2022 u voll auszegläichen

  
Fernand Kartheiser